

Wann een iwwert de Kompetenzberäich vun der Chamber schwätzt, dann ass dat Gesetz, wat mer muer diskutéieren, vläicht eng aner Valeur. Do wou mer diskutéieren, ob mer vun zéng Milliounen op 40 Milliounen kënnen eropgoen ouni Autorisation individuelle vun der Chamber. Do kann ee sech déi Fro stellen. Do hu mer och laang an der Commission de l'Exécution budgétaire driwwer geschwat, ob mer et géife maachen a wéi eng Begleitmoossname mer géifen huelen, fir esou e Schrëtt ze goen. Ech mengen ganz éierlech, datt déi Fro sech hei net an deem Mooss stellt.

An da gëtt och gesot, datt d'Ponts et Chaussées elo méi ze soen hätten, wat de Stroossebau ugeet. Do soen ech awer ganz kloer: „Dat ass awer net richteg.“ Deen, deem hei décidéiert, wat fir eng Stroosse weini wou gebaut ginn, dat ass, wann et ëm grouss Stroosse geet, selbstverständlech d'Chamber, wa se d'Finanzéierung erlaabt, an dat ass, wann et ëm kleng Projekte geet, den Travaux-publics-Minister respektiv de Regierungsrot, deem déi Kompetenzen huet. Datt Ponts et Chaussées se duerno baut an datt Ponts et Chaussées kann eng Rei Propositionen maachen, dat ass normal a richteg. D'Décisioun gi vun deenen zoustännegen politeschen Instanze virdrun an an Zukunft och nach geholl.

Par contre dat, wat ech gär gehat hätt, dat ass, datt mer dee Fonds des routes, deem net elo nei geschaf gëtt, mä dee scho jorelaang existéiert, dee kritt elo just eng zousätzlech Kompetenz derbäi, datt mer dee Fonds des routes, datt mer do e Comité derbäisetzen. Elo kréie mer vum Mouvement écologique gesot, datt dee Comité jo elo géif bestëmmen, wat an der Bautepolitik geschitt. Dat ass awer net d'Zilsetzung.

Ech hätt gär dee Comité gehat zesumme mam Budgetsminister, well dee Comité mer hëlleft duerch de Fait, datt mer zwee Leit vu Ponts et Chaussées, zwee vum Ministère an och Leit, ee vun der Inspection générale des finances, drasetzen hunn, well e mer ganz einfach hëlleft, e regelméissegue Contrôle ze maachen iwwert déi Bewegungen, déi am Fonds des routes finanzieller Natur geschéien. An dat ass fir mech wichteg.

Ech hu säit fënnef Joer probéiert, nu wierklech Rigueur an d'Gestioun vun deene Projeten, déi mer maachen, eranzekréien. An hei ass fir mech eenzeg an eleng en zousätzlecht Mëttel, fir am Kader vum Fonds des routes, dee méi Kompetenze kritt, déi Rigueur och kënnen weiderzeféieren. Dat ass d'Zilsetzung dervun an et ass och esou, wéi et an d'Realitéit ëmgesat gëtt. Fir dat, wat den Här Mehlen engem virwerft, fir heiansdo Ham an der Mëllech ze kachen, an Zukunft ze évitéieren.

Ech si mat där Remarque d'accord, datt sécherlech d'Zäiten nach ni do waren an an Zukunft sécher net och do sinn, fir dat ze maachen. Mä ech mengen just, dat hei ass e Mëttel, wat eis kann déi Gestioun an déi Rigueur financière vun deem Fonds des routes besser hëllefen och nach an Zukunft an de Grëff ze kréien. An dat ass d'Zilsetzung vun deem Fong.

D'Zilsetzung ass also en résumé ganz einfach, kuerzfristeg 2009 eis de Finanzement vun zousätzleche Projeten ze erlaben, laangfristeg a mëttelfristeg méi flexibel ze sinn an trotzdem eng besser Kontroll ze hunn. Et deet mir elo leed, datt déi gréng Fraktioun dat net matstëmmt, well ech mengen, dat hei hätt se ganz roueg kënnen matstëmmen.

Merci all deenen, déi dee Projekt hei positiv gesinn.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Vote par procuration. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6007 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen, bei 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Raymond Weydert), Fabienne Gaul, MM.

Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun de Projeten, déi mer haut um Ordre du jour hunn, dat ass de 6008 iwwert den Impakt vun Infrastrukturen op d'Natur. Rapporteur ass hei d'Madame Andrich. Ageschriwwen sinn: den Här Etgen, den Här Schreiner an den Här Gira.

14. 6008 - Projet de loi portant

1. transposition en droit luxembourgeois en matière d'infrastructures de transport de la directive 97/11/CE du Conseil du 3 mars 1997 modifiant la directive 85/337/CEE concernant l'évaluation des incidences de certains projets publics et privés sur l'environnement

2. modification de la loi du 22 mai 2008 relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement

3. modification de la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

Rapport de la Commission des Travaux publics

» Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Gesetzesprojekt gehéiert wéi déi aner Projeten, déi mer elo just behandelt hunn, zum Konjunkturplang, deem d'Regierung ugeholl huet, fir e gënschtegt administratiivt Ëmfeld fir déi wirtschaftlech Aktivitéit ze schafen. D'Aktivitéit vun den Entreprisë solle geförder ginn duerch d'Ersetze vum Gesetz, dat d'Prozeduren an d'Instrumenter zur Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt vu verschiddenen öffentlichechen a private Projete regelt, an dat am Sënn vun enger administrativer Vereinfachung.

Nun zu de Préliminairé vum Projet. De Projet de loi N°6008 ass vum Premierminister Jean-Claude Juncker den 11. Mäerz 2009 hei an der Chamber déposéiert ginn. Folgend Beruffskummeren hunn en Avis eraginn: d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, d'Handwerker- an d'Handelskummer, d'Salariatskummer an d'Landwirtschaftskummer. An der Bautekommissioun vum 26. Mäerz 2009 gouf ech als Rapportrice bestëmmt.

An der Sitzung vum 15. Abrëll goufen zwee Amendementer ugeholl, déi direkt un de Statsrot pour avis weidergeleet gi sinn. Den Avis vum Statsrot kounn dann den 28. Abrëll eran. D'Bautekommissioun huet den Text vum Projet an den Avis vum Statsrot zesumme mat der Ëmweltkommissioun an der

Sitzung vum 30. Abrëll analyséiert. De schrëftleche Rapport gouf schliesslech de 6. Mee ugeholl. Och hat de Mouvement écologique eng Stellungnahm zum Projet de loi erageschéckt, op déi während de parlamentareschen Aarbechten agaange ginn ass.

Ëm wat geet et an deem virleiende Gesetzestext?

Et handelt sech ëm d'Direktiv 97/11 vum Conseil vum 3. Mäerz 1997, déi hirersäits Ännerungen aféiert un der Direktiv 85/337, déi d'Evaluatioun vum Impakt vu verschiddenen öffentlichechen Projeten a private Projeten am Beräich vun den Transportinfrastrukturen op d'Ëmwelt betrëfft. Déi Direktiv gouf a Lëtzebuerger Recht ëmgesat duerch d'Gesetz vum 13. Mäerz 2007, wou ech d'Ëier hat, och Rapportrice ze sinn.

Et ass néideg dëst Gesetz duerch dee virleiende Gesetzesprojekt ze ersetzen, fir en Double emploi mat deene Gesetzer ze évitéieren, déi de Moment d'Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt vun Transportinfrastrukture wéi Stroossen a Schinnebau regelen. Gradesou sollen d'Evaluatioun vereinfacht an d'Prozedur gestrafft ginn. Lëtzebuerger hat jo optéiert fir eng fractionnéiert Ëmsetzung vun der Direktiv 97/11, esou dass déi Dispositiounen a verschiddene Gesetzer a Reglementer verspreet sinn. Fir déi Detailler verweisen ech op mäi Rapport zum deemolegen initiale Gesetzestext.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Den Double emploi soll also évitéiert ginn. Am Fong geet d'Gesetz vum Mäerz 2007 méi wäit wéi dat d'Direktiv verlaangt huet, well virgesinn ass, zwou Impaktnotizen an eng Impaktetüd, déi déi verschidde Variante vun engem Projet vergläicht, ze erstellen. Zum deemolegen Zäitpunkt war eng aner europäesch Direktiv nach net an d'Lëtzebuerger Recht ëmgesat, an zwar d'Direktiv 2001/42 vum Europaparlament a vum Conseil vum 27. Juni 2001, déi d'Evaluatioun vun den Inzidenzen vu verschiddene Pläng a Programmer op d'Ëmwelt betrëfft. Duerfir huet d'Gesetz vum 2007 och d'Aspekter vun enger méi genereller Planung vun den Transportinfrastrukturen ofgedeckt.

Entre-temps ass awer déi genannten Direktiv ëmgesat ginn duerch d'Gesetz vum 22. Mee 2008, dat d'Evaluatioun vun den Inzidenzen op d'Ëmwelt vu verschiddene Pläng a Programmer betrëfft. Duerfir sollen elo d'Prozedur vereinfacht ginn, an en Double emploi am Kader vum 2007er an 2008er Gesetz verhënnert ginn. Et gëtt elo kloer getrennt zwëschent der genereller Planung, déi ënner eng automatesch Evaluatioun fällt duerch d'Gesetz vum 2008, an där detailléierter Planung, déi vun dem virleiende Gesetzesprojekt geregelt soll ginn, déi jo d'Gesetz vum 2007 ersetzt. Et gëtt dann och spezifizéiert, dass e Projet, dee schonnen eng Evaluatioun vun den Inzidenzen op d'Ëmwelt mat Consultatioun vun der Öffentlechkeet hannert sech huet, keng Genehmigung méi brauch iwwert d'Naturschutzgesetz vum 2004.

An engems gëtt d'Gesetz vum 2008 am Artikel zwee, Paragraph fënnef nach ergänzt. De Règlement grand-ducal, deem do soll déi Pläng a Programmer bestëmmen, déi vun deem Gesetz evaluéiert ginn, gëtt erweidert duerch d'Bestëmmen vun de Modalitéiten vun där Evaluatioun, well déi Pläng a Programmer esou verschiddener Natur sinn, dass och d'Modalitéiten, no deenen evaluéiert gëtt, musse kënnen ugepasst ginn.

Zweetens gëtt am virleiende Gesetzesprojekt dann och d'Prozedur, déi zu enger Evaluatioun féiert, vereinfacht. Am Gesetz vum 2007 gëtt preziséiert, dass laut Direktiv 97/11 bei verschiddene Projeten Impaktstudien obligatoresch sinn. Bei anere Projete mussen d'Memberlänner eng Kontrollprozedur applizéieren, fir erauszeschuelen, ob eng Impaktstudie muss gemaach ginn oder net. Bis elo ass dës Evaluatioun hei zu Lëtzebuerger vu Fall zu Fall erfollegt.

Et huet sech awer erausgestallt, dass deen interministeriellen Aarbechtsgrupp, dee vun der Regierung duerch e groussherzogleche Règlement vum 24. August 2007 geschaf gouf, fir en Avis ofzeginn, wéi eng Projeten elo missten evaluéiert ginn, net den Erwaardungen entsprach huet. Dës éischter subjektiv Diskussioun ware laangwiereg, well d'Membere vum Comité öfters verschiddener Meinung waren, an d'Genehmegungsdélaien hu sech an d'Längt gezunn.

Duerfir ass et néideg, déi Evaluatioun Fall pro Fall ze ersetzen duerch d'Aféiere vu prezise Referenzkritären, opgrond vun deenen dann dës Décisiounen elo geholl ginn. Laut Artikel dräi ginn déi Kritären dann elo an engem groussherzogleche Re-

glement festgehalen. D'Direktiv 97/11 léisst d'Memberlänner nämlech fräi doranner, ob Plaffongen oder Kritäre festgesat ginn, oder ob dat ka Fall pro Fall analyséiert ginn. D'Behauptung vum Mouvement écologique, d'Regierung hätt d'Direktiv 97/11 net respektéiert duerch d'Fixéiere vu Kritären, stëmmt also net.

Drëttens sollen dann nach verschidde Prozedursmodalitéite gestrafft ginn. Fir d'Genehmegungsprozedur vum Artikel sechs ze verkierzen, sollen déi kompetent Autoritéiten, also verschidde Ministären, elo hiren Avis zu den Informatiounen, déi de Bauhär iwwert, innerhalb vun dräi Méint ofginn. Wann dat net de Fall ass, kann den Dossier einfach weidergereecht ginn.

Aus enger Suerg vun Harmoniséierung eraus gëtt dann och elo proposéiert, dësen Délai am Naturschutzgesetz vum 2004 anzeféieren, duerch en neien Artikel 57bis. Elo muss de Minister seng Décisiounen huelen dräi Méint nodeems den Dossier komplett ass. Wann d'Demande net komplett ass, soll deen, deem d'Genehmegung ufreet, an engem verstännegen Délai, also engem Délai raisonnable, dorwitter informéiert ginn.

Duerch den Artikel aacht vum virleiende Gesetzestext gëtt dann nach eng nei Approche agefouert, fir iwwert déi kompensatoresch Moossnamen ze befannen, esou dass de Regierungsrot elo net méi zweemol domadder befaasst gëtt, wéi dat elo am Gesetz vum 2007 de Fall ass. All dës Ännerunge maachen eng komplett Neifaassung vum Gesetz vum 2007 néideg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo nach zu de verschiddenen Avisen, ier ech op dem Statsrot säin Avis an déi parlamentaresch Aarbechten aginn.

D'Handwerkerkummer bedauert fir d'éischt an hirem Avis, dass d'Regierung net prioritär nach aner Moossnamen aus hirem Konjunkturplang ëmgesat huet, fir e gënschtegt administratiivt Ëmfeld ze schafen. Da begréisst se, gradesou wéi d'Handelskummer, dass d'Regierung méi eng integrativ Approche gewielt huet am Beräich vun de Genehmegungsprozeduren, an déi Approche Fall pro Fall ersat huet duerch eng Serie vu Kritären. Et gëtt awer bedauert, dass déi Prozeduren am virleiende Beräich net an engem eenzege Gesetzestext regroupéiert goufen.

D'Salariatskummer hirersäits freet sech, ob et wëschenswäert wier, fir déi komparativ an detailléiert Impaktstudien ze strächen, ob een dat wéinst der Krisis net hätt emol iwwerganksméisseg kënnen maachen. Si bedauert och, dass déi prezis Referenzkritären, déi sollen am Règlement grand-ducal fixéiert ginn, hir net virlouchen, esou dass se et schwierig hat ze beuerteelen, ob de Projet Verbesserunge géif erbäiféieren oder net.

D'Landwirtschaftskummer fënnt dann, dass de virleiende Gesetzesprojekt hir Problemer am Beräich vun de Genehmegunge vu landwirtschaftleche Konstruktiounen an enger Gréngzon net géif léisen.

De Statsrot sengersäits begréisst d'Efforté vun der Regierung, fir eng administrativ Vereinfachung erbäizeféieren, och wann en déi Dispositiounen iwwert d'Evaluatioun am Ëmweltberäich am léifsten an engem eenzegegen Text gesinn hätt. Vun der legislativer Technik hier proposéiert de Statsrot awer, d'Gesetz vum 13. Mäerz 2007 ze modifizéieren an net ganz frësch ze schreiwen. D'Bautekommissioun konnt déi Propos awer net suivéieren, well den Text soss komplett onliesbar géif ginn duerch d'Ëmschreiwen an d'Sträiche vun deene villen Artikelen. Esou ass d'Virlag vun der Regierung bäibehale ginn.

Zum Titel vum Gesetz huet de Statsrot zu der initialer Textpropos vun der Regierung bemierkt, dass déi Passagen, wou déi sougenannte Fonds-des-routes- a Fonds-du-rail-Gesetzer solle modifizéiert ginn, net bräichte widderholl ze ginn, well si duerch d'Gesetz vum 2007 ëmgeännert bleiwen, och wann dat Gesetz elo ausser Kraaft gesat gëtt. D'Kommissioun huet dann déi Referenzen am Titel gestrach, an dofir sinn déi diesbezüglech Passagen och am Artikel 16 gestrach ginn.

Am Artikel dräi, wou de Règlement grand-ducal mat de Kritäre soll agefouert ginn, huet de Statsrot eng Textännerung virgeschloen, fir den Artikel méi prezis ze formuléieren, an zwar amplaz, ech zitéieren: «déterminera les projets devant faire l'objet d'une évaluation» ze schreiwen: «fixe les critères sur base desquels les projets d'infrastructure de transports font l'objet d'une évaluation». D'Bautekommissioun huet dës Textännerung ugeholl.

Zu deem Artikel kounn et an der Kommissioun vun den öffentlichechen Bauten an der

Ëmwelt zu enger längerer Diskussioun, well déi Kritären net virlouchen. Den Här Minister huet dunn de Kommissiounsmemberen den Text vum Reglement, deen och scho vum Statsrot aviséiert war, an der Sitzung zur Verfügung gestallt. D’Kommissiounsmemberen hu mat Satisfaktioun festgestallt, dass dës objektiv Kritären zimlech streng wieren.

Trotzdeem kéint et virkommen, dass e Projet Inzidenzen op d’Ëmwelt hätt, ouni dass d’Kritäre géifen zu enger Evaluatioun vun den Inzidenzen zwéngen. Duerfir huet de Bauteminister sech averstanen erkläert, e supplementare Kritär an d’Reglement ze setzen, wou de Bauhär oder d’Regierung kénnt eng Evaluatioun vun den Inzidenzen op d’Ëmwelt virhuelen, am Fall wou verschidden europäesch Normen net agehale géifen, wéi zum Beispill wat de Geräischpegel ubelaangt, oder wat d’Loftqualitéit ugeet. Domat gëtt och enger Suerg vum Mouvement écologique Rechnung gedroen. Mä och wa Stroossebau- oder Schinnebau-projeten net ënnert d’Kritäre géife falen, esou spillt nach ëmmer d’Naturschutzgesetz vun 2004, wat d’Genehmegungs-prozeduren ubelaangt.

Da koum beim Artikel véier, deen d’Informatioun bestëmmt, déi musse fir d’Evaluatioun geliwwert ginn, d’Diskussioun op, wéi elo déi verschidde Variante vun engem Projet evaluéiert géife ginn, a besonnesch déi sougenannten Nullvariant. Do gesäit d’Gesetz vum 22. Mee 2008 a senger méi globaler Approche eng fundamental Iwwerleung zu der Opportunitéit vun engem Projet vir.

Doranner fléisst och eng komparativ Analys vun de Varianten an, gradesou wéi eng Evaluatioun vum Rapport Präis/Effikassitéit. Do dernieft erlaabt de sektoriellen Transportplang, deen ënnert d’Gesetz vun 2008 fält, deene meeschte vun deenen Elementer Rechnung ze droen. Doriwwer eraus muss de Bauhär, och laut Artikel véier vum virleiende Gesetzesprojet, déi Haaptsubstitutiousléisunge virzeechnen. Ausserdeem kann de Regierungsrot, deen d’Décisioun jo iwwert déi zrëckbehale Variant hält, nach ëmmer fir d’Nullvariant optéieren.

Beim Artikel aacht vum virleiende Gesetzestext gëtt jo eng nei Approche agefouert, fir iwwert déi kompensatoresch Moossnamen ze befannen. Si sollen elo direkt an engem Duerchgang vum Regierungsrot fixéiert ginn, ouni nach eng Kéier iwwert den Ëmweltminister ze goen.

Hei huet de Mouvement écologique gemengt, den Ëmweltminister géif zu Onrecht Kompetenzen ewechgeholl kréien. Et ass awer esou, dass de Regierungsrot d’Envergure vun de kompensatoresche Moossnamen am Kader vun der finanzieller Enveloppe vun de Finanzéierungsgesetzer soll festleeën, an dass den Ëmweltminister zu engem spéideren Zäitpunkt, am Artikel néng, souwisou d’Detailer an d’Natur vun de Moossname fixéiert, déi en dann erëm eng Kéier dem Regierungsrot zum Accord virleet.

De Statsrot hat bei dësem Artikel virgeschloen, fir d’Décisiounen vum Regierungsrot iwwert d’Envergure vun de kompensatoresche Moossnamen duerch e groussherzoglecht Reglement ze encadréieren, wou d’Richtlinnen an d’Natur vun de Moossnamen definéiert ginn. De Bauteminister selwer sténg esou enger Léisung positiv géigeniwwer, mä den Ëmweltminister, grad-esou wéi de Mouvement écologique, zéien et vir, fir dat am Kader vun dem Naturschutzgesetz vun 2004 ze regelen. Esou huet d’Kommissioun dovun ofgesinn, fir e Reglement grand-ducal virzegesinn.

Zu den Artikelen néng an zéng hat d’Bautekommissioun Amendementer verfaasst, déi ouni Problem vum Statsrot akzeptéiert goufen. An deenen Artikele stoung, dass déi kompensatoresch Moossname grad-esou wéi d’Notzungs- an d’Bedreiwerkonditiounen vum mënschlechen an natierlechen Ëmfeld iwwer e ministerielle Reglement géife bestëmmt ginn. Or, op fréier Avisé vum Statsrot hin ass et net méiglech, de Membere vun der Regierung direkt iwwert d’Gesetz ze erlaben, fir ministeriell Reglementer ze huelen. Dat ass e Pouvoir, deen dem Grand-Duc zousteet. D’Bautekommissioun huet dunn décidéiert, fir all Referenz op e Reglement ministériel ze sträichen.

Dann huet de Mouvement écologique och zu Onrecht gemengt, d’Rekursméiglechkeet vun den Ëmweltorganisatiounen wier gestrach ginn. Den Artikel 15 gesäit awer ganz kloer e Recours en annulation beim administrative Geriicht fir Ëmweltorganisatiounen vir. Et ass just logescherweis de Recours ewechgefall géint d’Décisioun vun der Regierung, fir keng Evaluatioun ze maachen, well de Reglement grand-ducal duerch d’Kritären dat jo elo regelt.

Da bleift nach eng Opposition formelle vum Statsrot ze kommentéieren, zum Ausserkraaftsetze vun engem Règlement grand-ducal duerch den Artikel 17 vum virleiende Gesetzesprojet. Vu dass dat net geet, huet d’Kommissioun dunn décidéiert, dës Formulatioun ze sträichen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach zum Schluss e puer Mercien auszedeelen, un éischter Stell un d’Mataarbechter vum Greffe an aus der Fraktioun, mä och un den Här Bauteminister a seng Fonctionnaires, déi ganz entgéintkommend waren an dësem Dossier, deen éischter technesch ass. Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. An ech ginn och heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Andrich. Den éischte Riedner ass den Här Etgen. Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Kolléeginnen a Kolléegen, fir unze-fänken ee Merci un d’Rapportrice, déi hono-rabel Madame Sylvie Andrich-Duval, fir hiren detailléierte schrëftlechen an inter-essante mëndleche Rapport. Am Virfeld vum Vote vun deem virleienden Text war d’Opreegung grouss. Et huet geheescht, datt mat dësem Gesetz de Bierger hiert Asprochrecht géif massiv ageschränkt ginn, datt d’Ekonomie nees absolut Virfahrt virun der Ekologie géif kréien.

Dës Opreegung huet sech am Endeffekt awer als Stuerm am Waasserglas entpuppt, well dës opgebauschte Schreckenszeenarien net berechtegt sinn an och net wäerten antrieden. Als Beispill wëll ech den Artikel dräi aus dem entspreichende Projet de règlement grand-ducal zitéieren, hei heescht et: «Sur proposition du Ministère de l’Environnement, le Gouvernement en conseil peut décider de soumettre un projet (...) à une évaluation d’incidences si le projet est susceptible d’avoir des incidences notables.» An anere Wieder: Un den aktuelle Méiglechkeete vum Ëmweltminister als Affekot vun der Natur ännert sech näischt.

Dëst däerf awer net dozou féieren, datt, wéi et an der Vergaangenheet alt emol de Fall war, Projeten duerch den Ëmweltminister verschleeft gi sinn. Au contraire, och den Ëmweltministère muss sech senger Roll bei der Vereinfachung vun de Prozedure bewosst ginn an däerf net méi nëmmen als Bremser optrieden. Nëmmen da kann dëse Projet och dee vun der Regierung beabsichtigte Succès hunn.

Här President, „simplification administrative“ a Verkierzung respektiv Vereinfachung vun de Prozeduren, Schluss mam prozedurale Wirrwar si gär an heefeg gebrauchte Stéchwierder am Kader vun der Bekämpfung vun der aktueller Wirtschaftskris. Et ass richtig, datt méi einfach a méi séier Prozeduren eppes dozou kënnen bäidroen, datt déi negativ Effekter vun dëser Kris e bësse manner dramatesch ausfalen.

D’Fro, déi ee sech an dësem Zesammenhang awer muss stellen, ass: Firwat huet et missen zu enger weltwäiter Wirtschaftskris kommen, éier d’Regierung op dësem Plang wirklech aktiv ginn ass? Firwat gouf esou laang gewaart? Firwat goufen dës Mesuren net éischer, a wirtschaftlech gudden Zäiten op den Instanzewee bruecht? Lëtzebuerg géif elo sécherlech besser dostoen an hätt sécherlech net gradesou een haarde Kampf géint d’Konsequenze vun der Kris ze féieren.

Och wann elo am Kader vun deem souge-nannten Antikrisepaquet éischt Schrëtt a puncto Vereinfachung vun de Prozedure gemaach goufen, bleift awer nach esou munches ze dinn. D’DP wäert sech op alle Fall, och an Zukunft, an deem doten Dossier engagéieren an zum Beispill sech derfir asetzen, datt de Prinzip wäert konsequent do agefouert ginn, wou dëst méiglech ass.

D’Fraktioun vun der Demokratescher Partei hat eng Demande un de Kommissiouns-president gericht, fir d’Vertrieder vun der UEL an d’Kommissioun ze rufen, fir mat hinnen den Impact respektiv d’Vir- an d’Nodeeler vun deem virleienden Text ze diskutéieren.

Dës Demande ass awer vun der Majoritéit an der Kommissioun verworf ginn, well dëse Projet onbedéngt nach huet missen dës Woch duerchgebaatscht ginn. Mir bedauern et, datt et net zu dëser Entrevue komm ass. An esou engem Gespréich hätt ee sécherlech da kënnen un deem dote Projet feilen. Et ass, wéi gesot, leider net dozou komm.

Zum Schluss, Här President, well mir kloer fir eng Vereinfachung vu de Prozeduren antrieden a fir eng Reduzéierung vun den administrative Chargen, déi eis Entreprisë belaauchten, wëll ech dann och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet ginn.

Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Etgen. Den nächste Riedner ass den Här Schreiner. Här Schreiner, Dir hutt d’Wuert.

» **M. Roland Schreiner (LSAP).** - Merci, Här President. Här President, Här Minister, léif Kolléeginnen a Kolléegen, fir d’Alleréischt och vu menger Sait e Merci un d’Rapportrice, d’Madame Sylvie Andrich, fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen och ganz detailléiert war. Ech mengen, si ass op déi eenzel Elementer vum Projet de loi agaangen.

Fir net alles ze widderhuelen, wëll ech mer dann dat och erspueren, nach eng Kéier alles ze widderhuelen. Duerfir wëll ech éischer vläicht e puer méi allgemeng Remarquen an e bësse méi engem gene-relle Kontext zu dëse Modifikatiounen vun deene verschiddene Prozedure maachen.

Den Ulass zu dësem Projet ass jo d’Wirt-schaftskris an dee Konjunkturpak, dee mer haut a muer diskutéieren. Et si jo ënner-schiddlech Mesurë virgesinn, déi d’Relance vun der Ekonomie méi einfach maache sollen. Dobäi solle virun allem onnëtz admini-strativ Hürden esou wäit wéi méiglech ofgebaut ginn.

Ech leeën do besonnesch d’Betounung op d’Wuert „onnëtz“, well déi meescht admini-strativ Prozedure si jo net fir näischt do. Si erfëllen alleguerten e bestëmmten Zweck, och wann een heiansdo d’Gefill net lassgëtt, dass mer eis a ville Prozedure ganz oft ver-strécken a selwer verfänken.

D’Zil vun enger Simplification administrative ass deemno net, einfach e puer onbequem Virschrëften ofzeschaffen, mä ze iwwer-préiwen, ob een den Zweck, deen ee mat enger bestëmmter Prozedur verfolgege wëllt, net op méi eng einfach Manéier kann erreechen.

Genau dat soll iwwert de Projet de loi 6008, dee mer hei diskutéieren, jo geschéien. D’Prozeduren, déi an de Gesetzter vun 2007 respektiv 2008 virgesi goufen, wat den Impact vu bestëmmte Pläng a Projeten op d’Ëmwelt ugeet, iwwerschneide sech zum Deel a sinn effektiv oft net ganz kohärent. Dat soll jo dann elo geännert ginn am Sënn vun der Saach.

Dës Measure bréngt kuerzfristeg sécher eng Erliichterung um administrative Plang, mä et wäert sécher net déi lescht Modifikatioun an dësem Beräich sinn. Vill anerer wäerten an deenen nächste Joren nach musse kommen, fir dass mer nach méi effizient kënnen schaffen, an duerfir si mer eiser Meinung no de Moment éischer an enger Transitionphas.

Här President, dës Regierung hat sech bekanntlech zum Zil gesat, an der Zukunft besser ze plangen: Réorganisation terri-toriale, Plans sectoriels, Nohaltegeekts-kritäre wéi Ëmweltimpact, Energieeffizienz an esou weider solle systematesch bei alle grouse Projete berücksichtegt ginn.

(Interruptions)

Gläichzäiteg soll awer och d’Matsprooche-recht vun der interesséierter Öffentlechkeet verbessert ginn. Dat ass jo och am Sënn vun der Aarhus-Konventioun, déi mer ën-nerschriwwen hunn. Virun allem wëlle mer awer och e Wee fannen, d’Décisiounen op eng méi transparent Manéier ze treffen, wou jiddwereen am Virfeld seng Argumenter mat abrénge kann, an der Hoffnung, dass sech am Géigenzuch vläicht dann och den Nimby-Effekt, deen eis oft nach vill Zäit an och Sträit an och Geld kascht, reduzéiert.

Besser, méi demokratesch a méi trans-parent plangen, fir herno qualitativ héichwäerteg Projete kënnen ze reali-séieren, déi op eng méiglechst grouss Akzeptanz stoussen, ass awer net ganz einfach an entsprécht virun allem net ganz eisen Traditiounen.

Mir hate bis elo ganz oft d’Tendenz, zum Beispill, laang iwwert d’Opportunitéit an iwwert de Site vun engem Projet ze streiden, bis de Besoin op eemol esou dréngend ginn ass, dass awer ee Konzept sech op eemol konnt duerchsetzen. Dann huet et op eemol ganz schnell misse goen, esou dass ganz oft eréischt bei der Realisatioun vun engem Projet d’Mängel opgetratt sinn an ersiichtlech gi sinn. Zum Deel sinn dat jo och d’Ursaachen, firwat mer och bei Bauprojeten oft an enger relativ spéider Phas nobesseren hu missen, wat dann zu

deene bekannte budgetäre Rallongé gefouert huet.

Wéi schwéier mer eis dinn, Konzepter aus-zehandelen, déi méi e generelle Charakter hunn an trotzdeem verbindlech sinn, gesäit een och bei der Landesplanung, bei der Réorganisation territoriale, bei de Plans sectoriels an och nach deenen net exis-téierende Regionalpläng.

Wat d’Ëmweltstudien an d’Participatioun vum Public ugeet, ass d’EU eis jo mat hiren Direktiven eigentlech zevirkomm. Mir hu se eng no där anerer ëmgesat, net nëmmen, well mer jo dat hu misse maachen, mä och, well mer d’Ziler vun dësen Direktive fir richtig halen. Dat ass jo och de Grond, firwat mer beim Gesetz vun 2007 eigentlech iwwert dat erausgaange waren, wat déi betreffend Direktiv virgeschriwwen huet.

An der Praxis stelle mer awer fest, dass déi Aart a Weis, wéi mer verschidden EU-Virschrëften ëmgesat hunn, net gutt fonc-tionnéiert. A kuerzer Zäit sinn ëmmer erëm nei Prozeduren agefouert ginn, déi sech zum Deel iwwerschneiden, zum Deel widerspriechen. Dat géllt net nëmme fir Stroosseprojeten, fir Eisebunnprojeten, dat géllt och fir d’Gesetz iwwert den Aména-gement communal, wou jo elo erëm eng nei Fassung déposéiert ass, an dat wäert sech och erëm weisen, wann déi verschidde Plans sectoriels ëmgesat solle ginn.

Mir sinn traditionell an enger Logik, dass alles ka realiséiert ginn, wat net ausdréck-lech verbueden ass. An där Logik mussen all Kritären, déi mer an Zukunft bei eise Projete wëlle berücksichtigen, strikt am Gesetz verankert ginn: den Naturschutz, den Denkmalschutz, de Schutz vun de Landschaften, de Schutz virum Kaméidi, de Schutz vun de Ressourcen. All Interessen, déi net am Gesetz verankert sinn, riskéieren dobäi ze kuerz ze kommen. Dat hu mer jo gutt beim Projet och zu Wickreng zum Beispill gesinn. Obwuel jiddwereen do d’accord war, dass dëse Projet net IVL-konform ass, gouf et eigentlech keng direkt Handhab, fir de Projet ofzelehnen.

Vum Prinzip hier ass dat richtig, well mir wëlle jo Genehmigungsprozeduren, déi transparent an net willkürlech sinn. Mir ännere jo och duerfir d’Gesetz vun 2007 dann an deem Sënn of.

Grondsätzlech, mengen ech, brauche mer awer an deenen Diskussiounen e Mentali-téitswandel. Mir brauchen eng Kultur, an där d’Kritären, déi musse berücksichtegt ginn, net als lästeg Contrainte gesi ginn, mä als eng Selbstverständlechkeet. Mir musse léieren, Léisungen an engem fairen Dialog auszehandelen, wou all Sait bereet ass, och deenen aneren hir Interessen ze berück-sichtigen.

Soulaang all Lücken am Gesetz vun deenen enge genotzt ginn, fir ouni Rücksicht op Ëmweltinteresse schnell a méiglechst bëlleg ze bauen, oder vun deenen aneren, fir all Projet aus éischer privaten Interessen ze verhënneren, soulaang kréie mer net wirklech eng Simplification administrative. Da geet all Gesetzesännerung entweder op deem engen oder op deenen aneren hir Käschten.

Et ass also virauszegesinn, dass am Beräich vun de Genehmigungsprozeduren nach vill Modifikatiounen musse kommen, bis um gesetzlechen Niveau och e Gläichge-wiicht fonnt ass, dat alle wichtige In-teresse Rechnung dréit, dat d’Participatioun vun de Bierger an d’Interessevertriedunge systematesch ënnerstëtzt an trotzdeem d’Prozeduren net iwwerméisseg laang gi léisst. Ganz ofgesinn dovunner, dass mer eis ëmmer am Kader vum EU-Recht be-wegen an och hei d’Virschrëften evo-luéieren.

A wa sech bis dohinner e puer Gewun-nechten an Haltunge grad bei den Admini-stratiounen geännert hunn, gëtt et vläicht och méiglech, eng richtig konsequent Reform vun de Prozeduren duerchzuféieren, déi ressortiwwergräifend fonctionnéiert.

An dëser Transitionphas, an där mer eis also fir eis Begrëffer befannen, wäert et elo wichtig sinn, dass d’Kommunikatioun tëschent de Verwaltungen, deene Respon-sabele vun de Projeten an der Öffentlech-keet gutt fonctionnéiert.

(Coups de cloche de la Présidence)

Wa sech oft eppes ännert, mussen elo all déi Betraffe schnell dovun a Kenntnis gesat ginn. An der Verwaltung muss jiddweree mat den Informatiounen um leschte Stand sinn, fir Konfusioun ze verhënneren. Dat zum allgemenge Kontext.

An engem Wuert: Bei dem Projet de loi, deem eis hei virläit, si mer als LSAP der Meenung, dass et sech ëm e klengen, awer wichtege Projet handelt, dee vill Ännerungen, wichteg Ännerunge beinhalt, déi a Verbindung mam Règlement grand-ducal iwwert d'Referenzkritäre sollen derfir suergen, dass d'Zil vun der Ëmweltevaluatioun an der Praxis op eng kohärent an effizient, mä och transparent Manéier ka realiséiert ginn, an dass d'Positioun vum Ëmweltminister, speziell och, wat d'Mesures compensatoires ugeet, gestärkt muss ginn.

Mir sinn duerfir och net der Meenung, dass domadder d'Rücksicht op d'Ëmweltaspekter bei der Realisatioun vu Projeten an Zukunft méi kleng gött. Dat därerf et jo och net sinn, an duerfir stëmmt meng Fraktioun deemem Projet zou.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Schreiner. Den nächste Riedner ass den Här Camille Gira.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir kënnst lech virstellen, dass déi Gréng hellhöreg ginn, wann et heescht, d'Impaktstudiendirektiv géif ofgeännert ginn an d'Prozedure solle vereinfacht ginn. An ech mengen, mir hunn eng Rei gutt Grënn derzou.

Ech muss vläicht dorun erënneren, dass Lëtzebuerg net manner wéi 20 Joer gebraucht huet, ier et dës Direktiv, déi vun 1985 eigentlech staamt, korrekt ëmgesat huet.

Ech wëll och nach eng Kéier dorun erënneren, dass, wa mer zu Helleng nach ëmmer e Stéck Autobunn hunn, wat net gebaut ass, dat net deene Propriétaires hir Schold ass, deenen deem Terrain gehéiert, mä engem fréiere Bauteminister, deen eben 20 Joer et fäerdeg bruecht huet, dass mer déi Impaktstudiendirektiv net korrekt ëmgesat hunn.

Mir sinn och hellhöreg ginn, well mer net gesinn hunn, wat dat Gesetz hei mat der aktueller Wirtschaftskris ze dinn huet. Muss ech dorun erënneren, dass dat hei Gesetz nëmme gëllt fir dem Stat seng Projete selwer am Beräich Stroossebau, Aviatioun an Eisebunn respektiv Tram?

Ech huele jo un, dass mer eis hei alleguerten eens sinn, dass, wann den Tram bis elo net gebaut ass, dat näischt mam Gesetz vun 2007, och näischt mat deem vun 2008 ze dinn huet, mä virun allem, well keng vun deene viregte Regierungen bis elo capabel war, dem Land eng kloer Visioun iwwert d'Mobilitéit vum 21. Jorhonnert ze ginn, respektiv vum Duebelspill vu besonnesch enger Partei. An dat hu mer jo elo erëm an deene leschten Deeg ganz kloer an däitlech hei gewisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn d'Ursachen, firwat dass mer op enger ganzer Rei Projeten net weiderkommen. Déi Gréng sinn net d'accord, dass elo op eemol d'Nimben vu lénks a vu riets sollen duergestallt ginn, wéi wann déi déi Responsabel wieren, dass mer do net weiderkommen.

Mir hunn eis de Projet intensiv ugekuckt. Mir hunn och d'Explikatiounen vum responsable Minister héieren. Mir waren do ganz e bësse berouegt, muss ech ganz éierlech soen. Mir gleewen och deem heitegen Travaux-publics-Minister, dass en net wëllt do eng Rei Saachen ausser Kraaft setzen.

Mir behalen awer prinzipiell Problemer mat deem Gesetz. Mir verstinn et nach haut net, dass dee Projet de loi do iwwerhaapt an d'Kompetenz vum Travaux-publics-Minister gehéiert. Et geet hei éminemment ëm Ëmwelt. Dat seet den Titre, an ech huele jo un, dass mer eis net kéinte virstellen, dass de Wirtschaftsminister responsabel wär, fir d'Kommodos-Genehmungen auszeginn, oder de Landwirtschaftsminister fir d'Baugenehmungen ausserhalb vum Peri-

meter. Duerfir versti mer nach ëmmer net, firwat den Travaux-publics-Minister iwwerhaapt mat där ganzer Prozedur hei ze dinn huet.

Ech sinn och, a mir sinn als Gréng ëmmer erëm iwwerrascht, dass, wann et ëm aner Dossiere geet, déi jeeweileg Ministeren zu deem hellege Prinzip stinn an dorop pochen a soen: „Ma, ech hu meng Responsabilitéiten ze huelen, ech si kompetent fir deen do Beräich, an do loossen ech mer net draschwätzen.“ An d'Beispiill Wickreng ass hei zitéiert ginn.

Wat mengt Der, wat den Här Boden Feier gespaut hätt, wann en hätt misse mat deem Projet an de Regierungsrot goen an den Accord vum ganze Regierungsrot kréien?

Do spillt op eemol déi eenzel Kompetenz vun deenen eenzelne Ministeren. Mir stelle just fest, komescherweis ëmmer erëm, wann et ëm Ëmwelt geet, da gött éischter, da gött ganz séier gesot: „Neen, dat do kënnen mer net dem Ëmweltminister eleng iwwerloossen. Dat do muss dee ganze Regierungsrot décidéieren.“ Mir sinn der Meenung, dass dat dee beschte Bewäis ass, dass nach ëmmer d'Ëmwelt net deen néidege Stellwäert kritt huet.

Ech wëll och dem Här Etgen äntworten, dass ech net verstinn, wat dat hei mat Réforme administrative ze dinn huet an iwwerhaapt mat Entreprises. Hei geet et exklusiv ëm Projeten, wou entweder de Stat selwer oder parastaatlech Institutiounen wéi d'Eisebunn responsabel sinn. Heimat hëllefle mer kenger Entreprise, wa mer dee Projet de loi hei stëmmen.

Mir hunn och keng satisfaisant Äntwert kritt, ob dat hei dann iergende Projet elo an der Kris géif weiderbréngen. Wann ech de Minister richteg verstan hunn, huet en eis gesot, dass bis elo iwwerhaapt nach kee Projet an déi Prozedur vum Gesetz vun 2007 gaangen ass. Ech zweifelen och dorun, dass mer scho genuch Erfahrung iwwert dat Gesetz vun 2008 hunn, sou dass mer eigentlech hei keen Handlungsbedarf hunn.

Wann ech lech dann och nach soen, dass mer nach eng Rei Bedenke mat der Lëscht am Règlement grand-ducal selwer hunn, da kënnst Der verstoen, dass mer zwar net géint dëse Projet stëmmen, well de Minister eis eng Rei Bedenken aus dem Wee geraumt huet, mä dass awer genuch Bedenken eisersäits bleiwen.

Mir gesinn net an, firwat bei engem Sportsflughafen - an dat ass méi wéi e Sportsflughafen, wann ech eng Pist vun 2.000 m ka bauen, do ka souguer e 737 starten ouni Problem - keng Impaktstudiendirektiv soll applizéiert ginn. Dat kënnen mer net verstoen.

Et kann een och nach iwwert d'Längt vun eenzelne Stroossen diskutéieren. Ech fanne schonn, dass de Mouvement écologique net ganz Onrecht huet: Wa mer an engem klengen Land sinn, wou d'Zersiedlung relativ wäit fortgeschrätt ass, ass et sécherlech en Ënnerscheid, ob ech mat zéng Kilometer duerch de Gréngwald fueren, oder ob ech an engem risége Flächeland wéi a Frankräich eng Strooss vun zéng Kilometer bauen. Ech menge schonn, dass dat en Ënnerscheid ass.

Duerfir, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen net, dass hei eng Oprou néideg ass an och e Sturm, mä eis prinzipiell Bedenken, déi mer 2007 geäussert hunn, bleiwen awer zu engem groussen Deel bestoen. Notamment, dass mer der Meenung sinn, dass déi ganz Prozedur soll vun A bis Z an d'Hand vum Ëmweltminister kommen.

Duerfir géife mir eis enthalte bei deemem Projet.

» **Une voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Gira. Dann huet d'Regierung d'Wuert, den Här Bauteminister Claude Wiseler.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.**- Merci, Här President. E puer Wuert och zu deemem Text. Ech fänke selbstverständlech un, andeem ech der Madame Andrich Merci soe fir hire Rapport. Si war extrem komplett, sou dass ech wierklech net brauch op d'Detailer anzegoen, just wéi virduen och op e puer Remarquen, déi elo gemaach gi sinn.

Déi eischt Fro, déi gestallt och ginn ass, dat ass: Mir hunn hei en Text vun 2007, deen déi Direktiv ëmgesat huet, dee mer relativ kuerzfristeg duerno schonn erëm änneren. Duerfir stellt sech d'Fro: firwat?

Mä et huet am Prinzip, niewent dem Fait, dass mer elo an enger Situatioun sinn, wou d'Kris eis opdrängt, dass mer Gesetzer an Texter maachen, wou eis Délaie kënnen méi

kuerz sinn, an ech kommen duerno nach eng Kéier dorop zrëck, sech och festgestallt, dass an deene leschte Joren eng Rei Saachen och an deene ganze Prozeduren anescht gi sinn.

Mir hunn 2008 en Text gestëmmt iwwert d'Inzidenze vun de Plans et programmes op d'Ëmwelt, deen eng ganz Rei aner nei parallell Prozedure mat erabruecht huet op där enger Säit. A mir hunn och säit 2007 eng Rei Erfahrungs mat deem aktuelle Gesetzestext gemaach. Elo kann ee soen, dat geet net duer. Mä ech gesinn awer och intern an den Travaux publics respektiv och déi aner Ministären, wat d'Problematik do war. Ech soe just duerno nach e puer Wuert doriwwer. Dat waren also zwee Punkten, déi eis och zousätzlech nach beweegt hunn, op deemem Punkt eis nach ze änneren.

ëm wat geet et? Et geet u sech dorëm, déi Autorisationsprozedure méi schnell ze maachen, méi einfach ze maachen, an ech géif souguer hannendrusoen, vu mengem Gesichtspunkt aus méi transparent ze maachen.

D'Zil war sécherlech net, dass mer hei manner Impaktstudié wëlte maachen, respektiv war d'Zil och net, manner öffentlech Informatioun ze maachen. D'Zil war och net, manner Asproochrecht ze ginn oder d'Asproochrecht méi kleng ze maachen, wéi dat op där enger oder op där anerer Plaz alt gesot ginn ass. Au contraire, dat Ganzt soll méi einfach a méi transparent duerch dësen Text gemaach ginn.

Wéi war et bis elo? Mä bis elo war et esou, dass mer eng Rei Projeten, Stroossebau-, mä och Schinnebauprojeten haten - well et därerf een net vergiessen, dass déi och heidrënner falen -, déi par définition vun der Direktiv aus de toute façon dorënner gefall sinn, an all déi aner, do ass eng Kommissioun, déi agesat gi war zwëschent verschiddene Ministären, déi eng Décisioun vun der Regierung virbereet huet, an déi gekuckt huet, wou dann Impakt op d'Ëmwelt kéint sinn, an déi dann eng Proposition gemaach huet, ob e Projet oder net sollt ënnert déi grouss Prozedur vun eisem Gesetz falen, oder ob déi méi kleng Prozedur sollt ugewant ginn, wou een da méi schnell kéint virukommen.

Déi hunn d'Décisioun an déi Propositionen gemaach ouni am Fong prezis Kritären. Erausgestallt huet sech, wann ee schwätzt mat all deene Leit, déi an der Kommissioun waren, dass déi Diskussiounen och ganz schwierereg, ganz laangwierereg a ganz oft subjektiv Diskussiounen waren, well eis Kritären net prezis genuch waren.

Wann den Här Gira seet: „Mir wëssen net, wou d'Zäit elo an de Projekte verluer ginn ass“, ass et précisément do, wou eng ganz Rei Zäit verluer ginn ass, wou eng ganz Rei Studié gefrot gi sinn, wou eng ganz Rei Diskussiounen gefouert ginn, well déi Leit sech och mat Recht, an dat verstinn ech jo och, heiandsdo schwéiergedoen hunn, fir eng Décisioun ouni objektiv Kritären ze huelen, wou si d'Responsabilitéit - quitte, dass d'Regierung se do geholl huet, mä zumindest vun hirem Avis - matgedroen hunn. Dat war net einfach.

Sou dass ech do och de Besoin manifestement gespuert hunn, fir Zäit ze spueren a fir déi ganz Diskussioun och ze objektivéieren, dass ee besser hätt, op eng aner Prozedur ëmzesteigen.

D'Direktiv, esou wéi se ass, gesäit jo am Fong zwee Type vu Prozedure vir: Dat eent ass d'Analys au cas par cas. Dat ass dat, wat mer am Gesetz vun 2007 haten. Déi aner Prozedur ass déi sur base de critères fixés par chaque État membre - seet d'Direktiv. Dat ass déi, op déi mer elo an deemem Projet ëmklammen. Déi zwee Weeër si méiglech.

Duerfir, wann op där enger oder op där anerer Plaz reprochéiert gött, dee Gesetzesprojet hei wär net direktivkonform, esou hu mer hei d'Méiglechkeet, fir ze wielen deen een oder deen anere Wee. D'Konformitéit zu der Direktiv ass a mengen Ae ganz kloer a gött eis och a ganz däitleche Wierder vum Conseil d'État confirméiert.

D'Regierung mengt also, dass mer mat deem heiten Text méi Kloerheet era-bréngen, well mer kloer an däitlech Kritären dohinnersetzen, déi definitiv sinn, déi preziséiert sinn, a wou dee Moment och net kënnen contestéiert ginn op deem eenzelne Projet, well entweder fällt en ënnert d'Kritären oder e fällt net ënnert d'Kritären. Dat Règlement ass och zur Informatioun der Chamberskommissioun zur Verfügung gestallt ginn.

Ech muss soen, mir hunn hei Kritäre geholl, déi am Verglach mat aneren europäesche Länner awer relativ strikt sinn. Ech mengen, do brauch ee sech net ze schummen, och

wann een dat als Ëmweltpolitiker ugeet, well mir hunn hei wierklech seriö, korrekt Kritäre geholl, och verglach mat anere Länner.

Déi Kritäre bréngen et da souguer mat sech, an dat wëll ech awer als Prezisioun do soen, dass eng Rei Projeten, wou déi Kommissioun eis gesot hat, dass se net onbedéngt géifen ënnert déi grouss Prozedur falen, wa mer dësen Text an Applikatioun hunn, ouni Diskussioun wäerten dorënner falen, dat heescht, zu engem Deel souguer déi Impaktstudié bei verschiddene Projeten obligatoresch maachen, wou se et beim alen Text net waren.

Bei deemem Text ass et a mengen Ae kloer, dass déi Verbreedung, déi eventuell - loosse mer et dann esou soen - Verbreedung vun enger Autobunn A3, A6 op zweemol dräi Pisten, dass déi ënnert dësen Text wäert falen, an dass do déi grouss Prozedur vun den Impaktstudié muss gemaach ginn, wat net nécessairement de Fall gewiescht wär ënnert deem aneren Text.

Duerfir mengen ech, dass, wann een duerch den Ëmweltbrëll kuckt, mer och hei näischt Negatives maachen. Mir schafe kloer Kritären, d'Méiglechkeet, méi schnell ze ginn, mä dat ass awer och net eppes, wat mam Ëmweltbrëll verdaamt ass. Ech mengen éischter souguer, dass et méi propper ass, well et méi kloer ass.

Wéi gi mer elo mat de Stroosseprojeten ëm? Et gött jo gesot: „Elo feelen eng Rei Analysméiglechkeeten.“ Mä et muss een deen Text hei an dem Kontext vun anere Prozeduren an anere Gesetzestexter gesinn, wou en elo kloer sech ofgrenzt a wou d'Saachen däitlech ginn.

Ech zielen dat kuerz eng Kéier op, an dat ass och alles, wat ech wollt dozou soen. Mir musse kucken a wëssen, dass mer elo déi ganz Hierstellung vum Plan sectoriel «Transports» hunn. De Plan sectoriel «Transports» ass u sech geduecht, fir d'Kohärenz vu sämtleche Projeten ze kucken an enger Logik mat enger Analys iwwer eise ganze Stroosseréseu. E soll och beim Bau vun enger eenzelner Strooss da kucken déi Influenz, déi deen op de Rescht vum Stroosseréseu huet, an doropshi soll d'Strooss an deem ganze Konzept festgehal ginn.

Dann hu mer d'Gesetz vun 2008 iwwert d'Inzidenze vu Pläng a Programmer op d'Ëmwelt. Do gött jo de Plan sectoriel «Transports», dee vu sengem Inhalt hier e Projet ass, deen haaptsächlech sech ëm Mobilitéit, Stroossebau a Schinnebau bekëmmert, analyséiert op d'Ëmweltproblematik am Kader vum Gesetz vun 2008. Sou dass een niewent dem Fait, dass een d'Logik vun der Mobilitéit kuckt, och nach eng Kéier iwwert dat do Gesetz vun 2008 eng Ëmweltanalys gemaach kritt. Sou dass mer do awer kënnen soen, dass d'Globalitéit vun dem Impakt an deenen Analyse gekuckt ginn ass.

An da komme mer op déi eenzel Projeten, wou mer e puer Méiglechkeeten hunn. Déi éischt Méiglechkeet ass, dass se carrément iwwert déi nei Kritären ënnert dës Prozedur falen. An dann ass et jo kloer, wat fir eng Studien, wat fir eng Impaktstudié musse gemaach ginn a wéi een doduerchgeet. Ech mengen, déi Prozedur hei ass transparent, déi mécht all Öffentlechkeetsaarbecht, déi muss gemaach ginn, an déi gesäit och vir am Artikel 15, dass d'Ëmweltbewegungen, wa se dat da wëllen, kënnen Asproch dorop erhiewen.

Dee véierte Punkt ass fir déi, déi net drënnerfalen no de Kritären. Déi falen dann zrëck ënnert d'Naturschutzgesetz. Do ass et am Kader vum Artikel 12 vum Naturschutzgesetz, wou da selbstverständlech den Ëmweltminister och ka soen, wann en dat dann als opportun jugéiert - an duerfir mengen ech wierklech net, dass dem Ëmweltminister hei iergendwou e Pouvoir ewechgehol ginn ass, well all déi Stroossen, déi net drënnerfalen, falen automatesch ënnert d'Naturschutzgesetz -, wat fir eng Studien hie gär hätt, ier hie seng Autorisatioun gött an ier hien d'Konditiounen festsetzt, ënnert deenen déi Strooss ka gebaut ginn. Sou dass mer do awer fir all Projet a mengen Aen eng kloer Prozedur hunn, déi däitlech ass, entweder déi eng oder déi aner. Et ass kloer, wat fir eng wou fällt. All déi Prozeduren decken déi verschidden Aspekter of.

Et war een Aspekt, wat mer och ageliicht huet,...

(Coups de cloche de la Présidence)

...dee vläicht net esou honnert Prozent ofgedeckt gi war. Dat waren déi Projeten, déi e speziellen Impakt op den Environnement humain haten, dann, wa Loftverschmutzung, Kaméidi an Ähnlechtes do war.

Den Här Gira huet virdrun de Sportsflughafe genannt. Doriwwer hate mer eng Diskussioun, och mam Mouvement écologique. Dat huet mer och en fin de compte ageliicht. An duerfir sinn ech och d'accord, fir dann zesumme mam Transportminister, zesumme mam Ëmweltminister der Regierung deen Zousaz am Reglement ze proposéieren, dee seet, wann een dann dovunner kann ausgoen, datt d'Kritäre vun der Loftverschmutzung respektiv vum Kaméidi iwwerschrott ginn, datt den Ëmweltminister - den Ëmweltminister! - kann der Regierung proposéieren, fir awer déi grouss Prozedur mat Impaktstudien ze maachen, datt mer och deen do Problem ofgeséichert hunn an op eng propper Aart a Weis geléist hunn.

Dann ass et ganz kloer, datt bei engem Sportsflughafen, wann den Ëmweltminister dat dann ënner senger Kompetenz déci-déiert, datt déi grouss Prozedur och kann, muss gemaach ginn, och wann en net automatesch ënnert d'Kritäre fält.

Dat huet ageliicht, an duerfir ware mer och d'accord, fir dat an de Règlement grand-ducal mat ze iwwerhuelen. Dir hutt par ailleurs schonn eng Proposition doleien, un där mer nach e puer „Fine-tuningen“ musse maachen.

Dat waren déi Saachen, déi ech elo nach hei wollt dozou soen. Ech wëll nach eng Kéier der Rapportrice Merci soe fir eng technesch schwiereg Aarbecht, déi se a ganz kuerzer Zäit huet misse maachen.

Ech wëll awer och vun der Geleeënheet profitéieren, well deen Text hei souwuel den Ëmweltminister wéi den Transportminister, well de Schinnebau hei dran ass, och betrëfft, fir deenen zwee, fir deene Ministère mat deenen zwou Tutellen, respektiv deenen zwee Beamten oder deene Beamten, déi sech an deem engen an an deem anere Ministère dorëm bekëmmert hunn, villmools Merci ze soe fir hir Kollaboratioun. Mir hunn hei gemeinsam, mengen ech, e gudde Projet gemaach, fir weiderzekommen, a Merci fir d'Ënnerstëtzung och.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 6008 ofgeschloss. Muer gëtt dann iwwert de Projet ofgestëmmt.

Mir kommen dann zu zwou Motiounen. Ech proposéieren, datt déi zwou Motiounen diskutéiert ginn, datt awer net elo ofgestëmmt gëtt, mä muer. D'Zäite fir d'Presentatioun an d'Diskussioun vun de Motiounen si jee weils fënnef Minutte fir d'Fraktiounen an zwou Minutte fir d'ADR respektiv fir den Här Jaerling.

(Interruptions)

D'Regierung huet da fënnef Minutten. Déi éischt Motioun ass vum Här Félix Braz iwwert d'Kooperatioun an de Klimawandel. Här Braz, Dir presentéiert se.



15. Motion de M. Félix Braz relative à la lutte contre le changement climatique et à la coopération

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG), auteur. - Merci, Här President. Ech ka ganz kuerz sinn, well déi heite Motioun ass en fait scho presentéiert ginn hei an der Plénière am Kader vun der Debatt iwwert d'Kooperatiounspolitik de 25. Mäerz. Et ass just esou, dass den zoustännge Minister, den Här Schiltz, dee Moment net konnt op déi heite Motioun äntwerten, well e sech nach wollt mat senge Ministeschkollege concer-téieren. Duerfir hu mer d'Motioun deemools net zum Vote gestallt. Mä si misst am Fong elo vun der Regierung beäntwert ginn, ob se dann après reflexion d'accord sinn, d'Motioun unzuhuelen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Si hate jo elo bal zwee Méint Zäit, fir déi Concertatioun ze maachen. Mir mussen als Chamber am Fong op déi Äntwert vun der Regierung waarden, fir de Vote kënnen ze huelen.

» M. le Président. - Merci, Här Braz. Wie wëllt d'Wuert nach dozou hunn?

» M. Xavier Bettel (DP). - Wou ass d'Regierung?

(Interruptions)

D'Regierung ass net do!

(Interruptions et hilarité)

» M. le Président. - Gutt. Freet soss kee méi d'Wuert zu där Motioun?

Dann ass domat d'Debatt iwwert dës Motioun ofgeschloss. Mir kommen zur Motioun vum honorabelen Här Jaerling.



16. Motion de M. Aly Jaerling relative aux photos d'identité biométriques

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - Merci, Här President. Ech verstinn einfach net, firwat dass mer net haut kënnen ofstëmmen hei, well mer en nombre sinn. Mä dann halen ech awer drop, dass mer muer de Mëtteg déi Motioun hei an dem Här Braz seng direkt um Ufank vun der Sitzung ofstëmme loossen, well dann huelen ech mer och d'Recht, muer de Mëtteg spad-séieren ze goen.

» M. le Président. - Also, Här Jaerling, d'Motioun ginn haut diskutéiert a muer de Mëtteg ofgestëmmt.

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - Jo, ech hunn dat matkritt. Ech hunn dat matkritt. Ech verstinn et awer net. Et gëtt jo villes, wat ech net verstinn.

» M. le Président. - Mir waren eis eens, dass zum Schluss vun der Legislaturperiod, well eng Partie Leit scho weinst Wahlverpflichtungen net méi kënnen hei sinn, dass mer dann d'Voté géifen een aneren Dag maachen. Esou einfach ass dat.

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - Ah!

» M. le Président. - Ech mengen, dat ass jo verständlech.

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - A wien ass „mir“? Dir sot „mir“.

» M. le Président. - D'Presidente-konferenz.

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - Dir waart dat. Ah!

» M. Charles Goerens (DP). - ...aus Fairness vis-à-vis vun de Kollege solle mer dat och esou handhaben. De President huet do ganz Recht, fannen ech.

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - Ah sou. Bon.

» M. le Président. - Gutt, Här Jaerling. Da sot elo, wat Der ze soen hutt.

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - Wéini hutt Dir net Recht?

Ma et geet hei ëm eng Motioun, déi jo schonn ugeschwat ginn ass. An et geet hei ëm eng Rei Betriber, Fotostudien, déi opgrond vun enger Décisioun vun der Regierung a grouss Schwiereregkeete geroden, well decidéiert ginn ass, opgrond vun enger europäescher Direktiv, fir elo d'Ofllichte vu biometresche Päss an de Gemenge maachen ze loossen.

Déi Direktiv, ëm déi et sech handelt, déi seet awer a kengem vun hiren Texter, dass missten déi biometresch Passbiller vun de Gemengen ofgeliicht sinn. An anere Länner, och vun eisen Nopeschlänner wéi d'Belsch, Frankräich an Däitschland, déi ginn och net op dee Wee, déi loossen och biometresch Passbiller nach ëmmer vu professionelle Fotografe maachen.

Wann een elo an dësen Zäite Betriber gesäit, déi a Schwiereregkeete geroden duerch déi konjunkturrell Réckgänk, dann hu mer jo Gesetzer gestëmmt, fir deenen ze hëllefen. Mä wann awer elo hei wéi an dësem Fall op eng flagrant Feelentscheidung vun der Regierung zeg Betriber a Schwiereregkeete kommen an honnerte vun hire Mataarbechter eventuell am Hierscht...

(Interruption)

Jo, d'Gewerkschafte ginn och hirer Wee. Da schwätzen ech alt an hirem Numm virun. Wann awer elo...

» M. le Président. - Här Jaerling, da bleift beim Thema, well Är Zäit ass schonn ofgela.

(Interruptions)

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - Här President, meng Zäit ass nach net ofgela.

» M. le Président. - Är Riedezäit ass ofgela.

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - Ma och emol nach net.

(Hilarité)

» M. le Président. - Wéisou dann net?

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - Ech hu fënnef Minutten zegutt fir d'Presentatioun vun der Motioun.

(Interruption)

» M. le Président. - Dir hutt zwou Minutten Zäit. Gutt, Här Jaerling, kommt, exposéiert elo...

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - Dir ënnerbriecht mech dauernd.

» M. le Président. - Neen, Dir haalt lech ëmmer mat anere Saachen op. Bleift bei Ärer Motioun a beim Contenu!

» M. Aly Jaerling (Indépendant), auteur. - Ech wëll just hei kloer soen: Hei handelt et sech ëm eng kloer Feelentscheidung vun der Regierung, déi honnert Aarbechtsplazen a Fro stellt an déi och eng Rei Betriber a Fro stellt, déi héchstwahrscheinlech dann deemnächst faillite maachen.

A well mer jo awer hei elo den 30. am Fréileng e Gesetz gestëmmt hunn, fir d'Betriber ze ënnerstëtzen, besonnesch mëttelstänneg Betriber, déi a Schwiereregkeete sinn, sinn ech einfach der Meinung, dass déi Décisioun vun der Regierung muss zrëckgezu ginn an dass déi Décisioun muss annulléiert ginn, déi seet, dass de Gemengen déi biometresch Passbiller sollen iwwerdroe ginn.

Eng aner Fro, déi sech stellt, dat ass, dass d'Regierung schonn anscheinend esou wäit gaangen ass, dass se schonn déi Apparate bestallt huet, fir an de Gemengen opze-stellen, esou dass einfach d'Fro sech stellt, wann elo d'Regierung op Opfuerderung vun der Chamber hei hir Décisioun zrëckstellt, dann hu mer do och nach e finanzielle Schued, deen einfach net ze vertrieden ass. An dofir froen ech d'Kollegen aus der Chamber hei, dass se dës Motioun solle matdroen an d'Regierung sollen opfuer-deren, dass se hir Décisioun zrëckstellt.

» M. le Président. - Merci, Här Jaerling. Den honorabelen Här Fayot huet elo d'Wuert.

Discussion générale

» M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, ech wollt zu dëser Motioun e puer Saache soen. Mir sinn a Präsenz vun der Elaboratioun vun de biometresche Päss zu Lëtze-buerg. An dee Procédé, dee gebraucht gëtt, fir déi biometresch Päss ze maachen, ass opgrond vun engem europäesche Reglement, wat den 28. Juni 2009 soll a Kraaft trieden, vun engem Aarbechtsgrupp vu véier Ministären ausgeschafft ginn. Véier Ministären, déi heivunner concernéiert sinn: de Ministère vun den Affaires étrangères, deen eben de Passbüro ënnert sech huet, de Justizministère, de Ministère de l'in-térieur an de Ministère vun der Fonction publique.

Deen Aarbechtsgrupp huet déi Prozeduren ausgeschafft an opgrond dovunner sinn dann och déi Apparate fir d'Gemenge be-stallt ginn, déi zum Deel och schonn an de Gemenge sinn, oder en instance fir do-hinner ze komme sinn, an och d'Formatioun vum Gemeengepersonal, fir déi Apparaten ze bedéngen, ass elo ausgeschafft.

All Gemeng kritt also esou en Apparat fir déi Fangerofdréck, also Empreintes digitales, engersäits, an anerersäits d'Foto vun deem, deen e Pass wëllt, opzehuelen. Dat gëtt e Maximum vu Sécurité juridique, well et jo muss kloer sinn, dass dat Bild bei dee Fangerofdrock muss passen.

Zweetens gëtt et natierlech och fir den Utilisateur e gewëssene Komfort, well den Utilisateur op déi Manéier zwou Saache beienee ka maachen an net nëmmen engersäits de Fangerofdrock op enger Plaz an dann d'Foto op där anerer Säit.

(Coups de cloche de la Présidence)

Dann drëttens ass et och natierlech en Avantage vu Präis, a véiertens ass et sécher eng Simplification administrative, well d'Bierger kënnen an hir Gemenge goen, an déi Empreinten an déi Foto, déi do geholl ginn ass, kënnen digital an de Passbüro geschéckt ginn, wou se dann och appli-zéiert ginn. Dat ass also d'Prozedur, déi festgehal ginn ass.

Sécher weess d'Regierung, a si huet dat scho vun 2006 un, wéi dat hei intern an der Regierung ausgeschafft ginn ass, vun deene wirtschaftliche Problemer, déi fir d'Fotografe kënnen entstoen. Deemools, gëtt mer gesot, waren och Kontakter mat de Fotografe geholl ginn. Et ass e Bréif geschriwwen ginn. Déi Kontakter sinn awer allerdéngs net zustane komm, kommen elo allerdéngs muer zustanen. Muer, den 13.

Mee, solle Fotografen am Ausseministère empfaange ginn, fir ze kucken, wat ee ka maachen, fir hinnen ze hëllefen.

Ech wëll och soen, dass et sech hei bei dësem Procédé exklusiv ëm Päss handelt. Et handelt sech net ëm alleguerten déi aner Pièces d'identité, déi och mat Fotoe bestückt sinn. Dat heescht, dat ass en Deel vum Marché, deen net heivunner tranchéiert gëtt. Dat ass dat Éischt.

An dat Zweet, huet den Ausseminister mer expressément gesot, dass hien dann alles géif maachen, fir de Fotografen esou wäit wéi méiglech entgéintzekommen, dass et op kee Fall eng Obligatioun wär, fir d'Foto op der Gemeng ze huelen, mä dass een déi Foto och ka bei dem Fotograf maachen. Dass also déi Fräiheet weider besteet. Dat ass vu senger Säit aus déi Assurance, déi hie ginn huet, well d'Regierung sech bewosst ass, wat dat fir eng Partie Leit an deene Fotosgeschäfte respektiv an deene Fotosinstallatiounen ka mat sech bréngen.

Dat waren déi puer Explicatiounen, déi ech wollt ginn, mä ech well nach eng Kéier drop insistéieren, dass dat hei awer och am In-térêt vum Utilisateur ass, fir den Accès zum Pass an déi Formalitéite vum Pass esou einfach wéi méiglech ze maachen. Et ass natierlech och e Souci, fir de Fotografen esou wäit wéi méiglech entgéintzekommen, also déi zwou Saache mateneen ze ver-bannen, an dofir kënne mir op jidde Fall, meng Fraktioun, dës Motioun net mat-stëmmen.

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Fayot. Den Här Gibéryen huet elo d'Wuert. Duerno den Här Bettel.

» M. Gast Gibéryen (ADR). - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mä Kolleg Jacques-Yves Henckes hat d'lescht Woch schonn hei am Kader vun den Debatten drop higewisen, datt mer och erstaunt waren iwwert déi Démarche, déi vun der Regierung do gemaach ginn ass, fir datt eben elo sollten déi Fotoen do um Niveau vun de Gemenge gemaach ginn.

Ech mengen, wa mer hei vill diskutéieren, meng Virriedner hunn dat och scho gesot, datt virun allem d'mëttelstänneg Betriber, d'Handwerksbetriber sollen ënnerstëtzt ginn, an da gi mer opgrond vu politeschen Décisiounen hin a mir huelen e groussen Deel vun hirem Maart ewech, dann ass dat sécher a Contradictioun vun all deem, wat mer an de leschten Deeg a Wochen hei-bannen diskutéiert hunn.

Et ass och sécher, an dat ass jo och schued, datt kee vun der Regierung hei ass, wa mer iwwert déi heite Fro debattéieren.

Et ass och sécher, datt, wann d'Gemengen dat dote géife maachen, datt d'Gemengen da wäerten Taxen erëm aféieren, an datt dann d'Leit awer herno mussen déi Fotoen och op dem Niveau vun de Gemenge bezuelen, sécherlech vun enger Gemeng zu där anerer Gemeng eng aner Tax, déi dofir gefrot gëtt, als ob mer keng Unani-mitéiten ënnert de Gemenge kréien, mä datt all Gemeng wäert herno froe wat se wëllt. Verschidde Leit wénken elo Nee mam Kapp. Mä esou wéi ech d'Gemenge kennen, a virun allem wann d'Zäiten elo méi schlecht ginn, dann ass dem Afallsräichtum keng Grenze méi gesat, fir eben Taxen och do anzeféieren.

Et stellt sech awer fir mech en anere Problem, Här President, an zwar hu mer eng Gesetzgebung hei, déi verlaangt, datt, wann ee Fotoe mécht, ee muss dat geléiert hunn, datt ee muss en CATP hunn a souguer datt ee muss, wann een dat bedreift, eng Meescherprüfung hunn.

Ech hat net méi spéit wéi viru 14 Deeg eng Persoun bei mir um Büro, déi ee Geschäft huet, dee Fotoapparater verkeeft, deen am Ausland all Diplomer gemaach huet, déi e Fotograf ka maachen am Ausland, an dee vum Lëtzebuerger Minister keng Autori-satioun kritt huet, fir a sengem Geschäft Fotoen ze maachen, well en hei zu Lëtze-buerg keen CATP gemaach huet als Foto-graf. Deen huet dat refuséiert kritt. Deen därerf emol keng Passfotoen a sengem Geschäft maachen. Obschonn en eng ganz Rëtsch vun unerkannten Diplomer aus dem Ausland huet, huet en et refuséiert kritt, mat